PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/05/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mëttelstand weiderzeleeden.

Am Kader vun der Mesure vum *Règlement grand-ducal du 25 mars 2020 ayant pour objet la mise en place d'une indemnité d'urgence certifiée en faveur de certaines micro-entreprises dans le cadre de la pandémie Covid-19* gouf eng Indemnité d'urgence fir PMEen an Héicht vu 5000€ opgestallt.

Des Weideren gouf mam *Règlement grand-ducal du 8 avril 2020 ayant pour objet la mise en place d'une indemnité d'urgence certifiée en faveur des travailleurs indépendants dans le cadre de la pandémie Covid-19* och eng Hëllef vun 2500€ fir Independanten opgestallt.

Mengen Informatiounen no, krute verschidden Independanten hir Refuse mat der Begrënnung verweigert, se hätten hire Betrib wärend dem Confinement net missten zoumaachen a kéinte soumadder net vun den uewe beschriwwenen Hëllefe profitéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi verdeelen sech, opgeschlësselt nom Code NACE an no Typ vu Bäihëllef (2500€ a 5000€) d'absolutt Zuele vun den Demanden, Refusen an Accorden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député